adr:

Nee Nee Nee

„Awunnerwalrecht“? Nee!

... seet de Picky

„Awunnerwalrecht“ ass e neit Moude-Wuert. Et heescht awer ganz vill fir Lëtzebuerg. Well et léisst duerchblécken, datt mir keng Natioun solle sinn, wéi all déi aner Länner. Et heescht, datt jiddereen, dee bei eis wunnt, däerf d'Parlament wielen. „Awunnerwalrecht“ heescht: keng „Heemecht“, keng Monarchie, kee Roude Léif, kee Lëtzebuerg …

Bis elo hunn hei am Land déi Leit d'Parlament gewielt, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Esou ass et an den allermeeschte Länner op der Welt. D'Lëtzebuerger decidéieren elo de 7. Juni, op dat esou bleift. Soss kéinten an Zukunft all déi Leit wielen, déi hei am Land wunnen. Dëst wär mat Sécherheet nëmmen eng éischt Etapp. Duerno gëtt da gefuerdert, datt d'Auslänner sech och fir d'Chamber däerfen opsetzen (passiivt Wahlrecht).

30.000 Lëtzebuerger mussen am Ausland liewen, well eis Regierungen d'Wunnengsnout net an de Griff kréien oder well se do schaffen. An der Logik vum „Awunnerwalrecht“ riskéiere mer, datt déi Lëtzebuerger, déi net am Land wunnen, fréier oder spéider d'Recht verléieren, fir an hirer Heemecht däerfen ze wielen!

Esou eppes gëtt et bal néirens op der Welt. De Begréff „Awunnerwalrecht“ soll d'Angscht virum Auslänner huelen. Mir hu keng Angscht virun den Auslänner. Mir brauchen se a si brauchen eis, fir hier berufflech a familiär Existenz. Esou fuere mir schonns laang gutt zesummen. Mam „Awunnerwalrecht“ zitt een de Kierzeren, an dat ass net den Auslänner mä de Lëtzebuerger.

Detlef Xhonneux

Gebierteg an der Belsch

Affekot a Steierberoder

„1991 sinn ech op Lëtzebuerg komm a konnt fléissend Däitsch, Franséisch, Englesch, Hollännesch an Italienesch. Duerch d'Aarbecht, besonnesch mat de Verwaltungen, hunn ech beschloss, a lëtzebuergesch Owescoursen ze goen. Obschonns ech mech iwwert d'lëtzebuerger Sprooch gutt acceptéiert gefillt hunn, hunn ech 2006 de Schratt gemaach an hunn d'lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl. Zanterhier fillen ech mech nach besser integréiert. Ech däerf wielen a gewielt ginn, an engagéiere mech aktiv an der ADR.“

Dir wëllt Autocollanten oder Spéngele mam „Nee“ bestellen:

Mëllt Iech am Sekretariat op der Nummer 46 37 42

oder iwwert info@adr.lu

www.adr.lu

D'ADR informéiert: all ons Versammlunge fänken um 19.30 Auer un.

1. Juni - Schwéidsbeng
Augustinushaus
Route du Vin

2. Juni - Beidler
Veräinsbau „al Schoul“
Rue de l'Eglise

2. Juni - Harel
Café „Beim Jeanne“
31, rue Mgr. Fallize

3. Juni - Diddeleng
Taverne Mont-Saint-Jean
1, place Gymnich

4. Juni - Mäerzeg
Café Staminee (Ribeiro)
24, rue Principale

4. Juni - Conter
Conterstuff
2, rue de la Mairie